BEBAUUNGSPLÄNG

# 30 Gemenge musse mat Sanktioune rechnen

29. Okt 2019 - 12:00

Eng 30 Gemengen hu Retard beim Ausschaffe vun hirem allgemenge Bebauungsplang, dat huet de Serge Hoffmann, Buergermeeschter vun Habscht a Vizepresident beim Gemengesyndikat Syvicol, confirméiert.

*Rick Mertens (Interview) / Claude Biver (Web)*




*De Serge Hoffmann ass Buergermeeschter vun Habscht a Vizepresident vum Syvicol*

Am Fong mussen d'Gemenge bis dëse Freideg eng éischt Versioun vun hirem PAG fäerdeg hunn. Ronn een Drëttel vun den 102 Gemengen am Land wäerten dësen Delai awer net respektéieren.

Bis wéini kann een domat rechnen, datt all d'PAGe fäerdeg sinn? De Serge Hoffmann kann dozou keng definitiv Ausso maachen: "Dat hänkt jo virun allem vun enger Dose Gemengen of, déi e bësse méi wäit zeréckleien. Bei de Gemengen, déi d'Prozedur elo scho lancéiert hunn, kann een dovun ausgoen, datt déi Prozedur ee gutt Joer wäert daueren, bis se definitiv vum Inneministère guttgeheescht gëtt."

## Ëmweltetüden: Net esou einfach, wéi ee mengt

Ee Grond fir den Delai wieren d'Ëmweltetüden, déi d'Gemengen am Virfeld musse maachen, seet de Serge Hoffmann. Bei dësen Ëmweltetüde géif et net duergoen, datt ee just eng Kéier op den Terrain geet fir ze kucken, wéi eng Planzenaarten oder Déieren do géife liewen.

"Et muss ee ganz dacks iwwer eng ganz Joreszäit kucken, well d'Planzen- an Déierewelt am Laf vun de Saisonen anescht ass." Dat géif d'Prozedur an d'Längt zéien, seet de Serge Hoffmann.

## Keng punktuell Ännerungen um PAG a keng nei PAPen

Gemengen, déi hire PAG net bis Enn der Woch an d'Prozedur bréngen, gi vum Inneministère sanktionéiert: Si kënne keng PAPen, also partikular Bebauungspläng, méi maachen, seet de Serge Hoffmann. Déi géif een awer fir Lotissementsprojete brauchen, seet de Serge Hoffmann.

Et dierft een och keng punktuell Ännerunge vum PAGen méi maachen. "Et kann een also just nach normal Baugeneemegungen erausginn. Mee dat ass fir kleng Projeten, déi absolutt konform sinn zu de dem Bautereglement, wat et gëtt."

### An der Mediathéik:

Invité vum Dag / 29. Okt 2019 - 07:32 / Rick Mertens

Lauschteren